PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/08/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.

International Accorde fir den Austausch vu Steierdate sinn noutwenneg, fir net als Steieroase ze gëllen, fir d'Steierhannerzéiung ze bekämpfen a fir eng fair Besteierung ze garantéieren, bei där jiddereen säin Undeel an deem Land bezilt, wou e muss.

An Däitschland hu Presseberichter widderhuelt dorobber higewisen, datt et beim automatiséierten Informatiounsaustausch vu Steierdaten awer reegelméisseg zu Problemer kënnt, well d'Software, déi dofir agesat sollt ginn, entweder net disponibel ass oder Problemer verursaacht.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Mat wéi enge Länner huet Lëtzebuerg zanter wéini en Accord, fir Steierdaten auszetauschen?

2. Wéi vill Datesäz ginn zanter dem Akraafttriede vun de jeeweilegen Accorden u Partnerländer iwwermëttelt (opgeschlësselt no Joer a Land)?

3. Wéi vill Datesäz empfänkt Lëtzebuerg duerch dës Accorden (opgeschlësselt no Joer a Land)?

4. Gouf d'Verschécken an d'Unhuele vu Steierdaten duerch e Logiciel bei der Steierverwaltung automatiséiert?
   - Falls jo; zanter wéini kënnt dëse Logiciel zum Asaz?
   - Falls nee; firwat net, a ginn et Pläng fir eng digital Automatiséierung anzeféieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député